



der éischter bis zur déi leschter Säit. An dat ass leider schued, dass vill Leit déi Saache guer net matkréien.

Voilà! Fir de Rescht stëmme mir hei mat Jo. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Keup. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Merci der Madamm Semiray Ahmedova fir dee gudden Rapport. A mir stëmme mat Jo.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert: den Här Minister fir Landesplanung Claude Turmes.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Claude Turmes, Ministre de l'Aménagement du territoire.**- Och ech wäert mech relativ kuerz halen. Ech wëlt der Madamm Rapportrice Semiray Ahmedova villmools Merci soe fir hire Rapport. Ech mengen, mir hunn e klengen Territoire. Et gëtt e gewëssen Drock op deem Territoire, dat heescht, mir mussen dat gutt plangen. Ech soen och nach dem Jean-Paul Schaaf Merci, dass en d'Wichtigkeet vun der Landesplanung hei esou erausgestrach huet. A wa mer natierlech elo an dëse Krisenzäite sinn an net dat kënnen maachen, wat mer eigentlech wëlle maachen - de Bierger maximal abannen do-duerch, dass mer Biergerversammlunge maachen -, dann ass et natierlech wichtig, dass mer eis elo heiriwwer d'Méiglechkeet ginn, fir se eebe virtuell, iwwer Visiokonferenzen, matanzebannen.

An ech mengen, dass d'Madamm Ahmedova e gudden Slogan fonnt hat, wéi se gesot hat: „Kee kennt de Quartier besser wéi déi Leit, déi do wunnen.“ An ech mengen, et ass och mir wichtig, dass d'Bierger eebe matagebonne ginn.

Da waren nach eng oder zwou Froen, déi ech dann an engem och géif beäntweren. Bei de POSen ass den, den elo eventuell nach virum Summer usteet, effektiv dee vum Lycée Nordstad, wat, mengen ech, eng wichteg öffentlech Infrastruktur ass fir d'Nordstad.

Ech mengen, mäi Kolleeg, de François Bausch, huet do schonn e Gesetz deposéiert. Do ginn et och nach Diskussiounen ronderëm d'Terrainen: Mir sinn amgaangen, do och mat de Propriétaires ze kucken, ob mer eis eens ginn, an dann - déi Pläng si relativ wäit gedigen - kënnen mer och de POS maachen, fir eeben de Jonken do uwen an der Nordstad an doruwwer eraus eng gutt Infrastruktur ze ginn.

Fir déi Leit, déi do uewe kënneg sinn: Dee Lycée ass am Moment éischter an engem Containergebai, e platzt zimmlech aus allen Néit. Duerfir ass et wierklech wichtig, dass mer do virukommen.

D'Plan-sectorielle sinn och ugeschwat ginn. Mir hunn elo nach eng Kéier eng kleng Navette eriwuer bei de Staatsrot ... - ech hoffen, dass mer déi och relativ schnell zrëckkréien. An dann ass et effektiv esou, dass no ville Joren a vill Aarbecht iergendwann ufank d'nächst Joer déi Plan-sectoriell Realitéit gi fir de Logement - wat wichtig ass, well an deene Plan-sectoriellen, do geet et dann ëm 30 % Logement abordable, an net méi ëm 10 % op deene grouss Flächen, wou gebaut gëtt.

Ech mengen, beim Transport ass et wichtig - wéi Dir, Här Schaaf, och gesot hutt -, dass do net matzen op enger wichtiger Infrastruktur awer op eemol nach e Schapp oder en Haus oder eng Hal steet, an dann eventuell eng wichteg Infrastruktur awer net kéint gebaut ginn.

Natierlech och wichtig fir eis Economie sinn déi nei Zone-d'activitéen, wou ech och mam Franz Fayot dru schaffen, fir dass mer eng gutt Method hunn, fir dat duerno schnell ëmzesetzen.

An dann ass de Plan sectoriel « paysages » natierlech och ganz wichtig, eebe fir eis schéi Landschaften. Ech mengen, déi leschte Kéier hate mer mam André Bauler heiriwwer rieds, och iwwert déi Konventioun, fir eis schéi Landschaften hei zu Lëtzebuerg ze schützen.

Et ass natierlech och wichtig, dass déi Plan-sectoriellen elo kommen, well mer ganz vill PAGEN hunn, déi elo mussen definitiv ginn, an do ass effektiv e bëssen e Flou juridique. An duerfir wier et gutt, wann déi Plans sectoriels esou schnell wéi méiglech géife kommen.

Zum Plan directeur: Mir sinn amgaangen, doru nach ze schaffen. Vläch kann ech do och ufangs des Joers eng Kéier an der Kommissioun méi an den Detail goen. Dat huet och e Lien mat deem Concours dédié, dee mer elo lancéiert hunn iwwer „Luxembourg in Transition“. Mir hunn och mëttlerweil Bureau-d'étuden, déi eis hëllefen, dat auszeschaffen. An ech kann lech vläch de méi detailléierten Aarbechtplang dann eng Kéier an der Kommissioun duerstellen.

Villmools merci och fir déi breet Ënnerstëtzung, dass mer d'Bierger hei kënnen matabannen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Minister Claude Turmes. D'Diskussioun

ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7679. Den Text steet am Document parlementaire 7679⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7679 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen (par M. Michel Wolter), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding;

MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 7661 - Projet de loi portant introduction d'une prime unique pour la promotion de l'apprentissage dans le domaine de la formation professionnelle

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7661 iwwert d'Aféierung vun enger Léierprimm am Kader vun der Formation professionnelle. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert geet elo direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

■ **M. Claude Lamberty (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, d'Covid-19-Pandemie huet eis alleguer, a besonnesch och d'Entreprises, op eng haart Proff gestallt - a si stellt se och haut nach virun deelweis ganz grouss Eerausforderungen.

Ugefaang mam Lockdown am Fréijoer, wou se staark gelidden hunn, bis hin zu haut, wou mir nach laang net iwwert de Bierg vun der Pandemie sinn a vill Leit sech an de Betriber Suergen a Gedanken ëm d'Zukunft vu sech selwer an natierlech och vun de Betriber maachen.

Nieft den Entreprisë selwer hunn awer och déi jonk Léierbouwen a Léiermeedercher mat der aktueller Situatioun ze kämpfen, dat, well dach eng gewëssen Unsécherheet ze spiere war an och nach ëmmer ass, an déi jonk sech d'Fro stellen, ob se mat hirer kuerz- a mëttelfristeger Zukunft ausgesäit.

Ech hunn a mengem Beruff als Enseignant am Bouneweger Lycée all Joer Jonker begéint, déi, nodeem se sech oft iwwerhaapt emol d'Fro gestallt hunn, wat fir ee Beruff se da wëlte maachen a wéi ee Beruff fir si dee richtige wier, an der nächster Etapp ëmmer ganz opgereggt waren, ob se dann och eng Plaz als Léierbouf oder Léiermeedche géife fannen. An ech kann lech versécheren, dass d'Freed ëmmer duebel grouss war, wa se bis d'Confirmatioun vum jeeweilege Patron am Grapp haten, dass se d'Léier am Betrib kéinten ufänken.

Dat ass fir all Jonken e wichtige Schrëtt a sengem Liewen, e Schrëtt an d'Welt vun der Aarbecht, e Schrëtt an d'Welt vun nach méi erwuesse ginn an haaptsächlech och nach méi selbstständeg ginn.

Wou läit dann elo genee d'Eerausforderung an dësem spezielle Corona- oder Covidjoer? Huele mer e konkret Beispill: e Jonken, den eng Formatioun -

ech soen elo einfach emol als Agent de voyage - ufänke wollt. Während den theoreetischen Deel vun der dräijäreger Formatioun am Lycée enseignéiert gëtt, verleeft de prakteschen Deel an enger Entreprise. Déi éischt Eerausforderung ass et, eng Reesagence ze fannen, déi en ophëlt, an dat ass an dësen Zäite schwéier genuch. Dann ass een an deem Secteur mat de weltwäite Restriktiounen a Reesverbuerter konfrontéiert. Ënnert deenen Ëmstänn ass et natierlech och verständlech, dass et fir d'Reesagenten dëst Joer net déi éischt Prioritéit ass, vill nei Léierbouwen oder -meedercher ze forméieren.

Fir de Jonken an eise Beispill ass dat allerdéngs e grouss Problem: Wann e bis Enn des Joers keng Léierplaz huet, muss e seng Ausbildung bis op Weideres op Äis leeën. Dem Code du travail no muss e Contrat d'apprentissage nämlech tëschent dem 16. Juli an dem 1. November vum selwechte Joer ënnerschriwwen ginn. An obwuel d'Deadline am Kader vun der Coronapandemie op den 31. Dezember verluecht gouf, besteet fir eise jonke Kandidat e Risk, dëst Joer keng Léierplaz ze fannen.

Net just am Tourismussektor stelle sech déi doten Eerausforderungen, mee ech mengen, dat Beispill huet eng Kéier illustréiert, wou de Problem läit. Genee wéi eise jonke Kandidat fir Agent de voyage ginn et sécher nach ganz vill aner jonk an och manner jonk Leit, déi hir Léier vläch net wéi geplangt konnten ufänken.

D'Coronapandemie huet awer net just Repercussioune fir déi Jonk, déi dëst Joer mat hirer Ausbildung wollten ufänken, mee och fir déi, déi schonn een oder zwee Joer mat hirer Léier amgaang waren. Während dem Lockdown waren d'Entreprisë gezwongen, hir Aktivitéiten erfrozeschrauwen oder souguer komplett zouzemaachen an hunn dowéinst ganz oder zum groussen Deel hir Employéen an de Chômage partiel geschéckt. Och d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher hu gréisstendeels missen doheem bleiwen a konnten hir Ausbildung um Terrain net weiderféieren.

Et goufe Fäll, wou de Contrat d'apprentissage huet missen annulléiert ginn, an d'Léierbouwen a -meedercher stoungen da virun engem grouss Problem: Wou soll ech elo en neie Patron fannen? Wéini kann ech meng Léier weidermaachen? Wëllt iwwerhaapt elo nach iergendee Betrib mech astellen? Wat geschitt, wann ech keng nei Plaz fannen? Dat alles si berechtigt Froen, déi sech vill Léierbouwen a Léiermeedercher dëst Joer gestallt hunn. Iwwregens ass et hei wichtig ze ënnersträichen, dass et net just ganz Jonker betrëfft, mee natierlech och Erwuessemer.

Här President, d'Zil vun dësem Projet de loi ass et, déi Entreprises ze ënnerstëtzen, déi hir Aktivitéiten an hir Verantwortung am Apprentissage och an der Kris wëllen oprechterhalen oder souguer ausbauen. Engersäits sollen d'Betriber mat enger Prime unique derzout incitéiert ginn, nei Apprentien anzustellen, anersäits geet et drëm, déi Entreprises ze belounen, déi bereet sinn, esouguer méi Apprentien opzehuele wéi déi Jore virdrun. Dobäi kënnen et natierlech nei Apprentië sinn oder Apprentien, déi en neie Kontrakt brauchen, well hire leschten am Kader vun der Kris leider gekënnegt gouf.

Wichtig ze betounen ass, dass och déi Betriber vun der Primm kënnen profitéieren, déi hir Apprentië während der Kris weider forméiert hunn. Jo, et wier eng Katastroph, wann d'Léierbouwen a -meedercher hir Léier wéinst der Kris net ofschléisse kéinten, an dofir läit dëse Projet mir och immens um Häerz. D'Zil ass et, dass och Apprentien, déi hire Patron verluer a soumat keng Léierplaz méi hunn, séier eng nei Plaz fannen, fir hir Léier kënnen ofzeschléissen. An dofir beloune mir mat dësem Gesetz déi Betriber, déi esou eng Reprise méiglech maachen.

D'Regierung huet zesumme mat de Sozialpartner e Wee definéiert an duerno ausgeschafft, soudass am Endeffekt nëmme Gewënner bei dësem Modell erauskommen. E ganz wichtige Schlëssel, e wichtige Message ass d'Philosophie hannert dësem Gesetz: motivéieren an encouragéieren.

D'Betriber gi via Subventiounen belount, déi Jonk hunn eng Zukunftsperspektiv an d'Gesellschaft huet hei hir Verantwortung vis-à-vis vun den zukünfte Generatiounen gewisen.

En extra Ureiz gëtt iwwregens geschafen, wann d'Betriber méi Postes d'apprentissage kreéieren, wéi se dat déi lescht Jore gemaach hunn. Och den Effort do gëtt belount: Méchs de als Entreprise méi Plazen op, gëtt dat vu staatlecher Säit och méi subventionéiert.

Et handelt sech insgesamt ëm eng temporär finanziell Hëllef, déi ënner verschiddene Krittären ausbezuelt gëtt. Fir déi genee Konditiounen erlaben ech mer hei, op mäi schrëftleche Rapport anzugeen, respektiv ze verweisen.

D'Demandé fir d'Primme kënnen bis de 15. Juli 2021 gemaach ginn. Fir all Kontrakt, den de 15. Juli 2020 leeft, gëtt et 1.500 Euro, fir all neie Kontrakt, den ab dem 16. Juli 2020 ënnerschriwwen gëtt, gëtt et 3.000 Euro. 5.000 Euro kënnen bei enger Reprise vun engem Kontrakt, dee virdru gekënnegt gouf,

ugefrot ginn - d'Konditioun ass hei allerdéngs, dass den zënter dem 24. Juni net méi wéi zweemol gekënnegt gouf. D'Ziel vun de Reprise ass also op zwou limitéiert.

D'Primm vu 1.500 oder 3.000 Euro kann awer och nach eng Kéier ëm 1.500 Euro pro Kontrakt eropgoen, wann de Betrib d'selwecht vill oder souguer méi Apprentië geholl huet wéi an der Moyenne déi dräi Jore virun der Demande vun der Primm. Fir all weider Detailler dozou verweisen ech och op mäi schrëftleche Rapport.

Da kommen ech kuerz zu den Avisen. De Staatsrot huet de Projet analyséiert a verschidden Observatiounen a Recommandatiounen eraginn, déi och vun der Kommissioun éischters diskutéiert an zweetens ugeholl goufen. Och d'Chambres professionnelles begreissen de Gesetzesprojet an hu just vereenzelt Bemerkunge gemaach an déi eng oder aner Klarifikatioun gefrot.

Fir déi genee Ännerungen an den Artikelen verweisen ech och op dëser Plaz nach eng Kéier op de Commentaire des articles am schrëftleche Rapport.

Domat hunn ech de Kader vun deem Gesetz, mengen ech, eng Kéier definéiert. Ech soen lech Merci fir d'Nolasschten a ginn natierlech den Accord vun der DP-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech soen dem honorabelen Här Rapporteur Claude Lamberty villmools Merci a ginn d'Wuert direkt weider un den éischten agedroene Riedner, déi honorabel Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur och villmools Merci fir säin ausféierleche Rapport, an ech mengen, do brauch ech definitiv net méi an den Detail ze goen.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech op der Uni war a wéi ech mäi Virdiplom gemaach hunn - schonn eleng, wann een dat Wuert seet, da weess een, datt et schonn eng relativ laang Zäit hier ass -, ...

(Hilarité)

... do hat ech ee Fach, an dat huet Landtechnik geheescht. An dee Proff, dee mer do haten, den huet op der technescher Uni fir Maschinnebau a Flugzeugtechnik enseignéiert, an deen ass dervunner ausgaang, datt mir alleguer déi technesch Zeichnungen an Ofkierzunge géife kennen, mee dat hu mer natierlech net gemaach! An ech hunn dat Fach geléiert an hu probéiert, mer dat esou am Kapp ze erklären, datt ech et och géif verstoen. An ech sinn dunn och esou an den Examen gaangen, dat war e mëndlechen Examen, an do krut ech d'Differenzialgetriber - ech hunn eng Kleng behalen, well ech weess nach ëmmer, datt ech dat krut.

Ech hunn dem Monsieur dat och esou erkläert, wéi ech mer dat a mengem Kapp erkläert hunn: datt dat esou géif dréien, datt eeben herno dee banneschte Pneu géif manner séier dréie wéi dee baussechten - also der Erklärung no huet et fonctionéiert.

U sech war de Monsieur och zefridde mat mer, an du koum en awer op déi glorriich Iddi, mer e Modell ze weisen, wou den Trakter esou opgeschnidde war a wou ech dat hätt missen do erklären. Ech hunn och iergendwéi eppes erkläert an ech hunn den Examen och gepackt. Ech hunn awer realiséiert, datt ech definitiv an der Praxis eng Null doranner wier. A genau déi Praxis ass awer dat, wat d'Schüler, virun allem d'Schüler an der Berufsausbildung, brauchen. Theorie eleng bréngt absolutt guer näischt!

D'Schoul kann een Deel vun där Praxis maachen an d'Schoul mécht dat och. D'Schoul huet Atelieren, do kënnen d'Schüler üben. Mee d'Schoul an d'Atelieren, déi kënnen ni ee Betrib an déi reell Welt ersetzen. Mir brauche fir d'Berufsausbildung Betriber, wou de Léierjong, d'Léiermeedchen d'Praxis am Alldag erlieft, wou se d'Routine kréien, wou et och emol Stress gëtt, wou se mam Client mussen eens ginn. A genau déi Betriber, déi hunn awer elo an der Covidzäit staark gelidden an hunn elo ganz aner Prioritéiten, wéi onbedéngt auszebilden.

An duerfir begreisse mer et wierklech, datt dës Betriber dofir ënnerstëtzt ginn, datt se kee Léiervertrag opléisen, datt se nach nei Léiervertrag maachen, well mir brauchen dat onbedéngt fir d'Ausbildung vun eise jonke Leit.

Ech hunn awer nach e klengen Denkestouss: D'Berufsausbildung huet och Schüler, déi net am Concomitant sinn, mee déi a Stagë sinn an déi op zéng Woche Stage ugewise sinn. An och hei ginn et Betriber, déi Problemer hunn an déi net onbedéngt elo interesséiert sinn, Stageplazen opzemaachen. Et ginn Ausbildungen, wou Stageplaze feelen. Och hei wär et wichtig, datt dës Betriber zousätzlech géife motivéiert ginn an datt dee Règlement grand-ducal, den do ass, fir deene Betriber eng Bähëllef ze ginn, och eventuell kéint ugepasst ginn.

Da wëll ech awer soen: Den Här Rapporteur huet gesot, mir hätten d'Avisen am Detail duergeséier.



Do kann ech dem Rapporteur net Recht ginn. Dat ass dee Bemoll, deen ech hunn. Ech fannen, esou, wéi mir geschafft hunn, datt mer emol net den Avis vum Staatsrot duerchgekuckt hunn, esou kann een net schaffen. Dat ass net seriö! Mee dofir kënnen eis Léiermeedercher an eis Léierjongen an och eis Betriber net, an dofir gi mer natierlech den Accord zu deem Projet de loi.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools der Madamm Hansen. An ech ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Francine Closener (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat e puermol d'Chance, derbäi ze sinn, wéi jonk Leit, déi hir Formation professionnelle ofgeschloss haten, hiren Diplom kruten. An den Houfert, d'Freed an d'Motivation waren hinnen an d'Gesicht geschriwwen, wéi se dat wäertvollt Stéck Pabeier endlech an der Hand haten. Endlech war dee laangen an ustrenge Parcours gepackt! Endlech ware se net méi Léiermeedercher oder -bouwen, mee mat zwee Féiss am richtege Beruffsliewen.

Mee fir dass et zu deem Moment, zu deem Lancement vun enger richteger Karriär kënn, brauch een awer nun emol, nieft der néideger Motivatioun, ee Betrib, deen engem d'Chance gëtt, seng Léier ze maachen. Eng Léier ass net e kleng Stage vite fait, mee e Prozess, deen iwwer e puer Jore leeft. Eng Entreprise, an et ass ganz dacks jo en Handwerksbetrib, engagéiert sech also à long terme, ee Jonken auszubilden, deen nach kaum bis guer net geschafft huet. En hëlleft him, seng theoreetesch Kenntniss aus der Schoul an der Praxis, um Terrain, ëmzesetzen.

Deen Effort vun de Betriber ass also enorm wichtig fir eis Gesellschaft a fir d'Zukunft vun eisem Land. Mir brauche gutt ausgebild, qualifizéiert Käch, Mechatroniker, Liawensmëtteltechniker, Coiffeuren, jee, eleng d'Chambre des Métiers presentéiert 88 Metieren, vun deenen all Eenzelnen eis Ënnerstützung verdéngt.

Mir wëssen, wéi eis Economie ënnert der aktueller Kris leit. Ech kann duerfir och wierklech novollzéien, wann ee Betrib sech et zweemol iwwerleet, ob e sech et ka leeschten, fir dëst Joer nees e Jonken an d'Léier ze huelen oder en ze halen. Wann en dat mécht, huet en eise Respekt verdéngt. An deem Sënn ass et natierlech absolutt ze begreissen, datt d'Regierung op de Wee vun engem Encouragement geet a Form vun engem finanziellen Ureiz, fir sécherzestellen, datt genuch Betriber trotz der Kris Léierplaze schafen.

Duerch dëst Gesetz kann ee fir en Apprenti tëscht 1.500 a 5.000 Euro Ënnerstützung kréien. De Rapporteur ass op d'Modalitéiten agaangen, merci och fir säi ganze Rapport. Et gouf dacks gesot, Dir Dammen an Dir Hären, datt mir alles mussen drusetzen, fir datt d'Pandemie keng verluere Generatioun produzéiert. Ma genee dat géif geschéien, wann elo net déi néideg Ausbildungsplazen do wieren.

Mir hu vill Jonker an eise Schoulen, déi eng Léier wëlle maachen. Si sollen, si müssen hir Chance kréien, an dat am beschten an deem Beräich, deen hinnen och am meeschte läit. Eng gewësse Previsibilitéit ass hei sécher net verkéiert. An deem Sënn wier et vläicht och interessant, vum Minister gewuer ze ginn, wéi eng Profiller nach gesicht ginn, wou an a wéi engem Secteur nach Plazen disponibel sinn an och, wéi dee sougenanntene „Matching“ fonctionéiert.

Enn November, sou krut ech gesot, waren nach eng 350 Jonker op der Sich no enger Léierplaz - ech hoffen, dass déi Zuel duerch dësen Inzentiv vun deem Projet de loi weider erofgaangen ass, respektiv nach weider erofgeet.

Här President, nieft der Fachkompetenz ginn awer och déi sougenannte „Social Skills“, also d'Sozialkompetenzen, ëmmer méi wichtig, ëmmer méi gefrot. Si sinn an engems keng Selbstverständlechkeet. Och hei muss ee sech iwwerleeën, wéi een de Léiermeedercher a -bouwen esou Kompetenzen nach besser ka vermëttelen.

Och d'Orientéierung an den Image vun enger professioneller Ausbildung bleiwen en Dauerbrenner. En Handwierk ze léiere soll e Choix sinn, eppes Flottes, eppes, fir dat een optimalerweis eng Passioun huet. Mir mussen fortomme vun der Orientation par échec an der Beruffsausbildung endlech déi Unerkennung ginn, déi se verdéngt - an an anere Länner par ailleurs och huet.

Mir si jiddefalls frou, datt mat deem Gesetz eppes fir dee ganze Beräich gemaach gëtt, ee Projet - an de Rapporteur huet et gesot - dee béide Säiten zerguttkennt: deem Jonken, deen heideruech hoffentlech eng gutt Léierplaz ka fannen, an dem Betrib, deen esou d'Käschten, déi duerch dëse Rekrutement entstinn, besser opfänke kann.

Dat gesot, gi mir natierlech als LSAP den Accord fir dëse Projet de loi. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Madamm Closener. An da wier et un der honorabe-

ler Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Formation professionnelle, also d'Beruffsausbildung, baséiert op engem Equilibre tëscht Theorie a Praxis. Nieft enger schoulescher Grondausbildung kréien déi Jonk relativ schnell en Abléck an d'Beruffswelt an d'Ufuerderunge vum Handwierk, dem Commerce oder och der soziopedagogescher Aarbecht. Hir Ausbildung, wa bis decidéiert, verleeft dual: Zum Deel am Klasesall an der Schoul an zum Deel an engem Betrib am direkte Kontakt mat der Praxis.

An de leschte Méint ass eis Gesellschaft net just mat enger sanitärer, mee och mat enger wirtschaftlecher Kris konfrontéiert. D'Betriber baue Plazen of, müssen deelweis ganz zoumaachen a spueren u Ressources humaines, wou et nëmme geet. Déi Éischt, déi drënner leiden, sinn nieft den Interimen a Freelancer och d'Stagiairen. Si, déi léiere wëllen, déi d'Zukunft vun eisem Aarbechtsmarché sinn, déi eng gutt Ausbildung brauchen, fir fit ze si fir d'Zukunft, si leider och déi selwecht, déi an dësen Zäiten ze kuerz kommen.

Wa mer d'Investitiounen héichhale wëllen, dann heescht dat eeben och, dass mer an d'Leit investéiere mussen, an hir Ausbildungen, fir dass mer an Zukunft, wann et erëm besser leeft, gutt ausgebildte Fraen a Männer hunn, déi an d'Beruffsliewe starten. An deem Sënn reit sech dëse Projet de loi, deen schonn exzellent vum Rapporteur beschriwwen an erkläert gouf, an en Invest an eis Jugend an an eis Zukunft an. Si brauchen nämlech Betriber, bei deene se kënnen léieren, bei deene se kënnen Erfahrung maachen. An dofir mussen mer och d'Entreprisë konsequent encouragéieren, fir dës Ausbildungsplazen zur Verfügung ze stellen.

Dat gëtt mat deem Gesetz a mat sengen zäitlech limitéierte Primmen gemaach, fir ausbildend Organismen ze encouragéieren. Mir hoffen, dass et derzou bäidréit, dass d'Aarbechterinnen an d'Aarbechter vu muer net duerch d'Kris vun haut vergiess oder verluer ginn, well géint de Schouloffbroch mussen mer op alle Fronte konsequent ugoen.

Ech ginn heimadder ganz, ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun, wëll awer als Lescht nach dem Rapporteur en häerzleche Merci soe fir säin exzellente schrëftleche wéi mëndleche Rapport.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Madamm Bernard. An d'Wuert geet direkt un den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR).**- Jo, merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären: Maach wéi d'Leit, da geet et der wéi de Leit! Ech hu gesinn, déi aner kommen alleguer heihinner, da kommen ech och heihinner.

Den Här Lamberty huet ganz richtig gesot: Den Effort soll belount ginn, a ganz besonnesch, wann et ëm déi Jonk geet, respektiv och ëm manner Jonker, déi a sou engem Fall sinn, déi eng Plaz sichen, wat oft eng schwiereg Situatioun ass. Dat gëtt hei gemaach an dat ënnerstëtze mer natierlech komplett.

Ech hunn et och flott fonnt, fir e bëssen iwwert déi perséinlech Erfahrung ze schwätzen. Ech mengen, ech hunn där jo och eng ganz Partie aus dem technische Lycée zu Esch. Et muss ee sech einfach an déi Situatioun eraversetzen: Jonker vu 15, 16 Joer, déi eng Cinquième fäerdeg hunn an déi dann eng Plaz sichen - an dat ass net einfach mat 15, 16 Joer, esou an déi Beruffswelt do eranzekommen, an dat sinn der oft och, déi net déi néideg Ënnerstützung vun doheem hunn, wéi vläicht anerer, an déi sech, wa se eng Plaz fannen, dann oft och effektiv ganz besonnesch vill freeën. An dat huet mir och ëmmer vill Freed gemaach an dat ass ganz schéin esou.

Den Här Lamberty huet och gesot: „Et ginn och méi Aler.“ Effektiv, fir eng kleng Kuriositéit hei ze soen: Ech hat nach virun zwee Joer ee Léierbouf, dee war méi al wéi ech, wou ech da Proff war. Esou interessant Situatiounen gëtt et och, dat betrëfft jo net nëmme déi ganz Jonk.

Voilà! Mir stëmmen dat natierlech mat. Et ass alles gesot. Villmools merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Keup. An da wier et un der honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. „Maach wéi d'Leit, da geet et der wéi de Leit, an dat wëlls de jo net“, krut ech doheem gesot. Da bleiwen ech emol hei stoen.

(*Hilarité*)

Mir wäerten natierlech deen heite Projet de loi matstëmmen, well mer mengen, datt et an dëser Situatioun awer eng nützlech Hëllef ka si fir gewësse Betriber, fir weiderhin Apprentien anzustellen oder déi

erëm anzustellen, déi hu misse resiliéiert ginn. A mir wëssen, datt zemools och méi kleng Betriber wierklech mat reelle Problemer ze kämpfen hunn.

Allerdéngs ass et awer och esou, datt mer elo an enger Situatioun sinn, wou leider weeder d'Educatioun, nach eng gutt Formation e Garant sinn, fir och eng gutt Aarbechtsplaz ze hunn. Den Aarbechtsmarché huet sech staark geännert a mir wëssen, datt och ëmmer méi jonk Leit trotz gudder Formation, trotz guddem Diplom weiderhin net onbedéngt déi Aarbechtsplaz kréien, déi se verdéngt hätten. An do ginn et och ganz, ganz kloer Zuelen, déi beleëen, datt et u sech déi Jonk sinn, déi an deene prekärsten Aarbechte sinn, déi am mannste verdéngen an déi am meeschten ënnert der Kris gelidden hunn, wat elo den Aarbechtsmarché ugeet.

An ech mengen, mir mussen ganz gutt oppassen, well déi heite Kris, déi ekonomesch Kris an déi sozial Kris, déi sech ëmmer méi ubaant an déi ëmmer méi frappant wäert ginn, och d'nächst Joer risquéiert, sech haaptsächlech um Bockel vun de méi jonke Generatiounen auszedroen.

Dofir, jo richtig, et muss ee jonk Leit forméieren! Et muss een hinnen erlaben an alles dofir maachen, datt se eng Formation kréien, eng Léier kréien. Mee et muss een awer och eng aner ekonomesch Politik maachen, fir datt se duerno och eng uerdentlech Aarbecht kënnen hunn.

Ech wollt awer och nach kuerz soen, datt mer elo laut den Zuele vun der Chambre des Salariés ongeféier esou ëm déi 450 Apprenti wäerten hunn, déi nach ëmmer amgaange sinn, eng Léierplaz ze sichen an déi nach keng fonnt hunn. A wéi mer wëssen, gouf de Chômage partiel fir d'Apprentien am Juli vun deem Joer net weidergefouert. Ech mengen, et wier un der Zäit ... - bon, am Prinzip ass et net den Educationsministère, deen dofir zoustänneg ass, ech mengen, dat läit héchstwahrscheinlech beim Travail - mee op jidde Fall misst de Chômage partiel och weidergefouert gi fir d'Apprentien, déi elo an dëser Situatioun sinn.

Voilà! Dat gesot, wäerte mer dat heiten natierlech matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools Här Wagner. A leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, elo wou den David Wagner et anescht gemaach huet, kann ech et dann nach eng kéier anescht maache wéi hien a mech erëm heihinner stelle fir meng Ried.

D'Handwierk stécht zu Lëtzebuerg net eréischt zanter der Covidkris an enger déiwer Kris: Schonn eier den neie Virus eis alleguerte virun ongeaanten Erausforderunge gestallt huet, hat d'Handwierk ze kämpfe mat engem Mangel u qualifizéiertem Personal an enger onfairer Konkurrenzsituatioun tëscht dem Staat an dem Privatsecteur.

Vill Patrone beschwéie sech zënter Joren, datt se vill Suen an Energie an d'Ausbildung vu Léierbouwen a -meedercher stiechen, just fir datt dës dann no e puer Joer an de Service vum Staat oder vun enger Gemeng wiesselen, well et dem Staat an de Gemenge méiglech ass, Paien ze bezuelen, déi fir e kleng Patron einfach onméiglech opzebréngen sinn.

Wa mir haut dëst Gesetz stëmmen, fir de Betriber eng Primm auszebezuelen, wa se sech trotz der Covidkris dofir entscheeden, en Apprenti auszubilden, sollte mer dat net vergiessen. Et ass wichtig, datt mer während dëser Pandemie Weeër sichen, fir deene Jonke weider Perspektiven ze bidden an den Entrepreneuren ze hëllefen, duerch d'Kris ze kommen. Eng Prime unique wéi déi, iwwert déi mer haut ofstëmmen, ass do eng méiglech Pist, mee eleng geet dës Mesure net duer.

Wann de Staat weiderhin de Betriber d'Employéen ofzitt, nodeems dës an d'Ausbildung investéiert hunn, ouni eppes zréckzekréien, a wann et eis net geléngt, de Beruff vum Handwierker opzewäerten, fir en och fir Schülerinnen a Schüler aus de klasse-sche Lycéee mat engem Talent fir manuell Aarbecht attraktiv ze maachen, jo da wäert d'Handwierk nach laang iwwert d'Pandemie eraus ze kämpfen hunn.

Eng ëmfaassend Krisestrategie därer duerfir net nëmme punktuell Aiden an d'A faassen, mee muss doriwwer eraus och déi strukturell Problemer ugoen, ënnert deenen de Secteur säit Laangem leit, an dat ass virun allem de Mangel u qualifizierter Main d'œuvre an eng feelend Valoriséierung vum Beruff.

Jonke gëtt ëmmer nach d'Gefill ginn, dass Ausbildungsberuffer fir Persounen sinn, fir déi en Unisstudium ze schwéier ass, an dat ass vu Grond op falsch! Bei der Orientéierung vu Jonke muss an Zukunft vill méi Wäert drop geluecht ginn, individuell Interessen an Talenter ze fërderen.

Wa mer jonk Leit net fir d'Karriären am Handwierk begeeschtert kréien, dann hëllefen och eis Primmen näischt! Well dann ass keen do, deen deen Job wëllt maachen! Wa Patrone keng Léierbouwen a -meedercher méi fannen, da kënnen se net vun där Primm hei profitéieren. Esou einfach ass et!

A wa se der awer iergendwéi nach fannen a se dann no der Ausbildung un de Staat verléieren, dann hu se och trotz der Primm nach e Minusgeschäft gemaach. Dofir wëll ech hei nach eemol betounen, wéi wichtig et wär, datt endlech géif envisagéiert ginn, eng Aart „Ablösesumme“ anzeféieren, wéi se vum Handwierk schonn zënter enger Zäit gefuerdert gëtt.

De Staat stellt ganz vill Handwierker an a bilt der ganz weineg aus. De Privatsecteur bitt dogéint vill Ausbildungsplazen un, mee verléiert och vill talentéiert Aarbechterinnen an Aarbechter no hirer Ausbildung un den ëffentleche Secteur. Fir hei eng méi gerecht Situatioun ze schafen, missten d'Patronen aus dem Privatsecteur am Fall, wou eng Persoun kuerz no hirer Ausbildung an eng Karriär beim Staat oder de Gemenge wiesselt, e finanziellen Ausgleich fir hir Aarbecht als Ausbilder erhalen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng Primm fir Betriber, déi och während der Kris weiderhin ausbilden, ass eng ganz gutt Saach. A mir wäerten dëse Projet duerfir haut och matdroen. Mee wann doriwwer eraus net endlech ëmgeduecht gëtt, wann et ëm d'Orientéierung vu Jonken an der Beruffswelt an ëm d'staatlech Astellungspolitik geet, wäerte mer klengen a mëttelstännegen Handwerksbetriber einfach keng laangfristeg Perspektive bidde kënnen!

Dëse Projet eleng ass also nach kee Grond, sech op d'Schëller ze klappen: Et ass déi ominéis Dréps op de waarme Steen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci och un de Rapporteur, de Claude Lamberty, deen eis souwuel d'Motivatioun, wéi awer och déi eenzel Detailer an Dispositiounen vun deem Geset-zestext erkläert huet.

Jo, ganz vill Betriber sinn an d'Schifflag komm duerch d'Pandemie, ganz Wirtschaftszweiger sinn an d'Schifflag komm. Et ass eis gemeinsam Suerg gewiescht, ech menge souwuel heibannen, wéi an der Regierung, wéi awer och bei de Beruffskummeren a bei ganz villen Entrepreneuren, datt dat net zu enger Schifflag bei deene Jonke géif féieren, virun allem bei deene Jonken, déi an enger Beruffsausbildung sinn oder deenen hire Wee an d'Beruffsausbildung sollt féieren.

An ech denken, datt mer domadder richtig leien, fir datt déi Jonk, déi eng Beruffsausbildung wollte maachen, ... datt mer alles maachen, datt mer gemeinsam Efforte maachen, souwuel de Staat wéi och d'Entrepreneuren, fir datt dee Wee och kann do ukommen. Well mir wëssen nach, wéi virun engem Joer, et ass jo nach net laang hier, gejaut ginn ass iwwert de Mangel u Fachpersonal hei zu Lëtzebuerg, wéi an Handwerkssecteuren, wéi awer och an der Industrie an a villen anere Beräicher, am Commerce, am Horeca gesot ginn ass: „Mir brauchen gutt ausgebildte jonk Leit!“ An et wär e Feeler, elo déi Jonk falen ze loossen an hinnen de Wee net ze erméiglechen, an eng Ausbildung eranzekommen. An et géif de Betriber virun allem duerno, wann eng Reprise do wär, erëm enorm schueden, wann déi Leit, déi se da bräichten, fir déi Reprise ze realiséieren a fir déi Aarbecht ze iwwerhuelen, déi erëm an de Betriber reell do wier an ze leeschte wier, dat dann net kéinte maachen.

Duerfir ass dat heiten och eng Initiativ, fir prett ze si fir d'Reprise, fir da gutt jonk Leit ausgebildt ze hunn. Déi Primm hei, déi hëlleft sécherlech deem engen oder anere Patron. An ech mengen och, datt se deen een oder deen aneren zousätzlech iwwerzeegt huet, fir säin Apprenti ze halen an och fir méi Apprentien ze huelen, well et ass jo och e kloren Incitatif dra virgesinn, well ech souguer nach eng kéier zousätzlech eng Augmentatioun vun der Primm ka kréien, wann ech der souguer nach méi huele wéi déi Jore virdrun. Dat kompenséiert da fir d'Entreprise op där enger Säit zum Deel sécherlech déi finanziell Laascht fir en Apprenti, déi jo och iwwert d'Indemnitéit ze leeschten ass, an op där anerer Säit awer och den Effort, fir sech grad elo an enger Situatioun, wou een als Entreprise och nach ganz vill aner Saachen ze leeschten huet, och nach gutt ëm d'Apprentië ze këmmen. Well et geet jo net nëmme drëms, datt se e Léiervertrag kréien, mee et geet wierklech drëms, datt se all Dag eppes léieren, all Dag eppes gewise kréien an all Dag dobäi guidéiert ginn.

Ech wëll awer och soen, datt vill Betriber guer net gewaart hunn, datt mer eng Primm ugekënnegt hunn, an datt et fir déi dës le départ ganz kloer war, datt se hiren Engagement am Apprentissage wéilte weiderféieren, souwuel fir déi, déi schonn an engem Kontrakt dra waren, wéi och fir déi, déi de leschte Summer aus der Schoul komm sinn.



Mëttlerweil gesi mer do, datt mer en Equiliber hunn tëschent den oppene Plazen an den Demanden. Mee mer gesinn awer och, wéi all Joers eigentlech, datt zum Deel aner Léierplazen gefrot si wéi déi, déi da vun den Entreprises offréiert sinn. De Chiffer läit do ongeféier bei 350 oppene Plazen a bei 350 Demanden, déi nach opstinn. Do wou nach wierklech Propose gemaach ginn, wou nach Apprentië gebraucht ginn, datt ass an der Alimentatioun, am Bau, an der Kichen, am Service a generell am Handwierk - do ganz besonnesch an der Mécanique an an der Elektro. Dat sinn déi Beräicher, wou klassescheweis och nach all Joer ëmmer probéiert ginn ass, natierlech nach genuch Apprentien dohinner ze guidéieren.

Zwou Remarque vläicht nach eng Kéier zu deem, wat d'Madamm Hansen proposéiert huet, fir och den Entreprises, déi Stagiairen huelen ..., well mer hu jo en duale System, wou et de Léiervertrag gëtt, wou en Deel vun der Formation an der Schoul gemaach gëtt a wou een awer och duerch e Léiervertrag un d'Entreprise gebonnen ass, mee et ginn och Ausbildungen fir Beruffer, wou een eigentlech plein Temps an der Schoul ass, mee dann awer och ganz vill iwwer Stagen an d'Entreprises erakënn. Natierlech ass dat och en Engagement vun den Entreprises, mee et ass net grad eent zu eent ze vergläichen, well déi Entreprisë jo och keng Indemnité d'apprentissage bezuelen an duerfir vläicht och net gradesou finanziell missten ënnerstëtzt ginn, wéi et bei deenen aneren, déi sech am Concomitant engagieren, de Fall ass.

Bei deenen Entreprises, déi e Stage ubidden, ass et virun allem och esou, datt mer momentan mierken, datt et eng Erausforderung gëtt, datt vill Beschäftegter bei deenen Entreprises am Teletravail sinn, déi eigentlech als Tuteur den Encadrement vun den Apprentien iwwerhuele sollten, an et sech an deem Sënn awer als schwierig erweist, well den Apprenti physesch present an den Tuteur am Teletravail ass. Dat ass momentan dee gréissten Challenge, deen do ze schëlleren ass, an et ass eigentlech net, wéi wa mer elo wierklech verspuert hätten, datt mer do finanziell nach en Attrait misste schafen.

Zum David Wagner senger Propos, fir de Chômage partiel weiderlafen ze loosse: Dee leeft och erëm! Deen ass erëm ugelaf! Elo, zanterdeem mer eng Rei vu Secteuren erëm an engem Lockdown hunn, oder confinéiert Secteuren hunn, ass et esou, datt do, wou eeben och de Chômage partiel fir d'Travail-leure gëllt, deen och erëm fir d'Apprentië méiglech ass, limitéiert awer op déi dote Secteuren.

Ech denken, datt mer hei eppes gemaach hunn, fir schnell a richtig an dëser Situatioun ze reagieren. Datt mer an der Berufsausbildung, datt mer fir d'Promotioun vun der Formation professionnelle, datt mer och fir den Image an de Stellwäert vun der Berufsausbildung an eiser ganzer Gesellschaft nach ganz vill méi musse maachen, ech denken, do si mer eis eens, an dat kréie mer och mat dësem Projet de loi net geléist.

Wichtig ass, datt mer eis d'Wuert ginn, datt mer déi Jonk net hänke loosse, och wann dat heiten elo net direkt jidderengem de Wee an den Apprentissage kann erméiglechen. An do hu mer, denken ech, eigentlech Joer fir Joer e Feeler gemaach, och an deene vergaangene Joren, datt mer gesot hunn: „Déi Jonk, déi komme vun hirer Cinqüème, se sollen eng Léierplaz fannen, an déi, déi keng Léierplaz fannen, fir déi interesséiere mer eis net méi.“ An dat, denken ech, musse mer och aus dëser Pandemie léieren, sou wéi mer viles musse léieren, datt mer dat eeben net méi maachen, datt mer eis och responsabel fir si spieren an hinnen dann awer eng aner Formation ubidden.

Duerfir hu mer jo och schon decidéiert, datt mer an de Lycéeën och Inskriptiounen zouloosse fir déi, déi nach keng Léierplaz hunn, an datt mer se och nach länger Zäit an de Lycéeë wëllen halen. An do musse mer zesumme mat de Lycéeën, zesumme mat den CNFPCen awer kucken, datt mer och adequat Formationen ubidden, fir vläicht da fir d'nächst Joer prett ze si fir eng Léier. An op jidde Fall däre mer do dann dee Moment déi Jonk och net hänke loosse. Dat ass eng Léier, vun där ech mer géif wënschen, datt mer se alleguerten zesummen och nach aus der Pandemie kéinte mat op de Wee huelen.

Villmools merci fir Är breet Zoustëmmung fir dës Hëllef fir d'Entreprises, déi sech weiderhin och an dëser schwieriger Zäit am Apprentissage engagieren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soe villmools Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7661. Den Text steet am Document parlementaire 7661⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7661 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'ëischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass de Projet de loi 7661 eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen (par M. Michel Wolter), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding;

MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 7509 - Proposition de loi portant modification de :

1° la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques

2° la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, d'Proposition de loi 7509 iwwert d'Partiefinanzéierung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, ier ech méi op den Detail vun der Proposition de loi virgesi waren. Beim Depot duerch den Alex Bodry am Numm vun eiser Institutionskommissioun viru bal genau engem Joer ware mer eis parteiwwergräifend eens, dass eng Rei Ännerungen néideg wieren, fir bestëmmte Froen a Problemer, déi sech an der Praxis stellen, ze klären.

Den Text a senger aktueller Form ëmfaasst nämlech just nach en Deel vun deene Modifikatiounen um Partiefinanzéierungsgesetz, déi an der initialer Proposition de loi virgesi waren. Beim Depot duerch den Alex Bodry am Numm vun eiser Institutionskommissioun viru bal genau engem Joer ware mer eis parteiwwergräifend eens, dass eng Rei Ännerungen néideg wieren, fir bestëmmte Froen a Problemer, déi sech an der Praxis stellen, ze klären.

Opgrund vum Avis vum Conseil d'État huet sech awer gewisen, dass et technesch net esou einfach ass, deen Text esou auszeformuléieren, wéi mer eis dat gewünscht hätten, jiddefalls net an enger kuerzer Zäit.

D'Institutionskommissioun huet duerfir decidéiert, nom Avis vum Conseil d'État, deen eng Rei vun Opérations formelles enthalten huet, en ëschten Deel vun deene Modifikatiounen elo schonn zum Vott ze bréngen an duerno eng nei Proposition de loi auszuschaffen, déi op déi aner Aspekter aus dem initialen Text ageet an de Bemerkunge vum Conseil d'État Rechnung dréit.

Et handelt sech hei ëm déi Propositionen, déi de Parteien, déi méi oder manner vill Personal beschäftege respektiv fir hir Lokaler verantwortlech sinn, eng Capacité juridique ginn, an et huet sech ëm déi Dispositiounen gehandelt, déi sech ëm déi individuell Campagnë vun eenzelne Kandidaten ge-dréit hunn.

Déi Dispositiounen waren dem Conseil d'État net kloer genuch an duerfir hu mer déi mol op d'Waardegels gestallt, ouni dass mer se vergiessen. Mir wäerte selbstverständlech dorop zrëckkommen.

D'Proposition de loi, wéi mer se haut virleien hunn, reit sech a méi e laangfristige Prozess an, deen en duebelt Zil huet: Engersäits soll garantéiert ginn, dass Parteien déi néideg Moyenen hunn, fir déi Roll, déi se an eiser Demokratie spillen, kënnen ze erfëllen, anerersäits solle kloer Reegelen duerfir suergen, dass d'Finanzéierung vun de Parteien esou transparent wéi méiglech ass an domat hir Ofhän-

gekeet vu privaten Entreprises oder Lobbye grad wéi doduerch bedéngten Interessenkonflikter verhënnert ginn.

D'Parteien an déi Aart a Weis, wéi se sech finanzéieren, hate ganz laang iwwerhaapt keng Plaz an der Lëtzeburger Gesetzgebung. Eng ëschte Kéier sinn d'Parteien am Gesetz vum 7. Januar 1999 ernimmt ginn, dat en deelweise Remboursement vun de Fraise fir d'Walcampagnë virgesinn huet.

An där Zäit ass och um internationale Plang d'lwerzeegung ëmmer méi staark ginn, dass d'Finanzéierung vun de Parteien gesetzlech misst encadréiert sinn an dass ee méi Transparenz bräicht, fir d'Glawierdegkeet vun der Politik an d'Vertrauen an der Demokratie ze stäerken.

Wéi mer d'Gesetz iwwert d'Partiefinanzéierung, dat mer haut wëllen upassen, gestëmmt hunn, hu mer ënner anerem Referenz op d'Konklusioun vum der Commission de Venise gemaach, déi schonn 2001 festgehalen hat, dass a Länner ouni ëffentlech Finanzéierung vu Parteien an ouni Transparenzregelen en héije Risiko vun okkulte Geldflëss a Korruptioun géif bestoen.

Eng ganz Rei politesch Skandalen am Ausland hu kloer gewisen, wéi esou eng legislativ Grozon dem Vertrauen an d'Parteien an an d'Politik am Allgemenge schuet. Vill Länner an Europa hate laang virun eis Reegelen zur ëffentlecher Finanzéierung vu Parteien. Lëtzebuerg huet sech mam Gesetz vum 21. Dezember 2007 endlech och en entspreche Kader ginn. Zanterhier kënnen d'Parteien zu engem gudden Deel op ëffentlech Gelder zrëckgräifen, mee et goufen och strikt Limitatiounen bei den Donen agefouert, déi se kënnen unhuelen.

D'Parteien kënnen zanterhier nach just Done vu Privatpersounen unhuelen, also net vun Entreprises, Associatiounen an esou weider. Done kënnen net anonym gemaach ginn, d'Parteien mussen net nëmmen hir Konten, mee och d'Nimm vun hiren Donateuren verëffentlechen.

Mat deem Gesetz huet Lëtzebuerg 2007 Neiland betratt an duerfir war schonn deemools virgesinn, dass no enger gewëssener Zäit e Bilan iwwert déi praktesch Ëmsetzung misst gezu ginn. Haut kann ee feststellen, dass déi Gesetzgebung hir Zilsetzung wäitgeënd erreicht huet.

2008 goufen d'Existenz an déi wichteg Aufgab vun de Parteien an der Verfassung verankert. Als Konsequenz dovunner gouf d'Gesetz eng ëschte Kéier de 16. Dezember 2011 ugepasst. Dës Ännerungen hunn d'Pièces justificatives betraff, déi mussen ëffentlech gemaach ginn, et goufe Prezisiounen zu den Donen ageschriwwen a Falschangabe sinn zanterhier als Délit pénal ugesinn.

Eng zweete Kéier gouf d'Gesetz vum 2007 geännert, fir d'ëffentlech Partiefinanzéierung u Reegelen ze bannen, déi duerfir suerge sollen, dass Fraen a Männer op eng equilibréiert Manéier op de Wallëschte fir d'Legislativ- an d'Europawalen vertruede sinn, déi sougenannte Quotereegelung.

Ech wéilt dann elo op d'Ännerungen agoen, iwwert déi mer haut decidéieren. Als ëscht emol eng kloer Trennung tëschent den Europawalen an de Legislativwahlen, esou wéi de Conseil d'État et proposéiert huet. Bis elo muss eng Partei, fir vun der ëffentlecher Finanzéierung profitéieren ze kënnen, fir béid Wale komplett Lëschten opgestallt an a béide Fäll mindestens 2 % vun de Stëmme kritt hunn. Wa mer dee Projet hei stëmmen, ginn dës Konditiounen fir déi zwou Wale separat gekuckt, allerdéings kritt dann eng Partei, déi d'Konditiounen nëmme bei enger vun deenen zwou Walen erfëllt, dättelech manner Suen.

Nei ass och, dass dës Montanten net méi an Euro, mee a Punkten ausgedréckt ginn, woubäi de Punktwäert entspreche dem Artikel 2 Paragraf 4 am Gesetz vum 25. März 2015 iwwert d'Gehälter bei de Staatsbeamte festgeluecht gëtt. D'Begrënnung heifir ass, dass d'Parteien e groussen Deel vun deene Suen, déi se kréien, fir Personalkäschten ausginn, a wann d'Finanzéierung vun de Parteien zesumme mat de Gehälter vun der Fonction publique evoluéieren, kann deem Rechnung gedroe ginn.

Domat komme mer dann op e weesentlechen Aspekt vun dëser Proposition de loi, wou et dorëm geet, d'Montanten, déi d'Parteien kënnen kréien, an d'Luucht ze setzen. Säit der Aféierung vum Gesetz 2007 huet sech un der Dotatioun näischt geännert, an et ass och net zu enger Upassung komm, soudass et e Konsens gouf, dass dës Montante missten un d'Realitéit vun haut ugepasst ginn.

De järeleche Basismontant, deen d'Parteien kréien, wa se déi virgenannte Konditiounen erfëllen, gëtt vun 100.000 Euro op 7.500 Punkten eropgesat, wat haut 150.000 Euro entsprécht. Déi zousätzlech Dotatioun, déi se kënnen fir all Prozentpunkt kréien, deen iwwert dem Minimum vun 2 % vun de Stëmme läit, gouf vun 11.500 Euro op 800 Punkten, also 16.000 Euro erhéicht.

Eng Partei, déi sech nëmme mat enger vollstänneger Lëscht bei den Europawale géif presentéieren a mindestens 2 % vun de Stëmme géif kréien, hätt

Urecht op 1.800 Punkten, also 36.000 Euro. Dës Upassunge gëllen ab dem Budgetsjoer 2020.

D'Zoustëmmung zu enger Partei dréckt sech awer net nëmme bei Walen aus, mee natierlech och iwwert d'Zuel an den Engagement vun hire Membere an a Sympathisanten, déi d'Partei iwwer eng Memberskaart oder Done finanziell ënnerstëtzen. Duerfir gëtt et aktuell am Gesetz vum 2007 eng Dispositioun, déi seet, dass déi ëffentlech Finanzéierung net méi wéi 75 % vun de Recettë vun enger Partei däreuf ausmaachen. Prinzipiell ass dat richtig, allerdéings riskéiere besonnesch déi méi kleng Parteien doduerch manner ëffentlech Ënnerstëtzung ze kréien, well si oft ganz limitéiert eege Recetten hunn. D'Institutionskommissioun proposéiert duerfir an dëser Proposition de loi den Taux vu 75 % op 80 % eropzesetzen.

Mat eiser Proposition de loi ginn de Parteien och kommerziell Aktivitéiten verbueden, dat heescht systematesch kommerziell Aktivitéiten. Net betraff sinn déi geleeentlech Aktivitéiten wéi de Verkaf vu Gadgets, T-Shirts, respektiv Gegrills oder Gedränks bei Fester.

Eng weider Ännerung besteet doran, dass d'Kandidaten schrëftlech op hir Eier deklaréieren mussen, dass si keng Donen am Wäert vun iwwer 250 Euro ugehall hunn, déi net no de Reegele vum Gesetz deklaréiert wieren. Falsch Angaben dozou ginn ënner Strof gestallt. Op zesummegewürfelte Lëschte gëllt dat fir jiddweree vun de Kandidaten, déi op där Lëscht sinn, onofhängeg dovun, dass si aus verschiddene Gruppéierungen kommen.

Am initialen Text vun der Proposition de loi gouf dës Punkt méi am Detail behandelt. Et geet am Fond dorëmmer ze verhënnere, dass déi strikt Limitatiounen vun den Done kéinten duerch net deklaréiert Done un eenzel Kandidaten ëmgaange ginn. An deem Kontext waren ursprënglech och Reegele virgesi fir Kandidaten, déi eng individuell Walcampagne maachen, fir dat ze cadréieren.

D'Institutionskommissioun wäert sech an enger zweeter Etapp domat a mat der Capacité juridique ausemanersetzen. D'Zil ass et, dass déi strikt Finanzéierungsregelen net kënnen ëmgaange ginn an dass et eng Zort Level-Playingfield tëschent de Parteien gëtt. Den Artikel 2 vun der Proposition de loi mécht e puer Adaptatiounen am Walgesetz, wou et ëm d'Finanzéierung vun de Walcampagnë geet. D'Konditiounen, déi eng Partei muss erfëllen, fir dës Suen ze kréien, ginn ugepasst un déi, déi am Partiefinanzéierungsgesetz gëllen.

Konkreet bedeit dat, dass si bei de Walen net méi mindestens 5 % vun de Stëmme musse kréien, mee nach just 2 %. Fir kohärent ze sinn, kënnen esou kleng Parteien, déi bis elo näischt kritt hunn, och bei den Europawalen e Forfait vu 5.000 Euro kréien, wa se mindestens 2 % vun de Stëmme kréien.

Wéi gesot, et bleiwe sécher nach Froen op, fir déi mer an der Institutionskommissioun passend Äntwerte musse fannen, an dës war sécher net déi lescht Adaptatioun vum Partiefinanzéierungsgesetz. Mat dëser Proposition de loi maache mer awer e weidere Schrëtt fir sécherzestellen, dass d'Parteien an eiser Demokratie déi wichteg Roll, déi se spillen an hunn, och kënnen erfëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci fir d'Opmierksamkeet. An ech bieden lech, am Numm vun der Institutionskommissioun dëser Proposition de loi zouzestëmmen. Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo villmools Merci. An d'Wuert huet elo den ëschten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Léon Gloden.

Discussion générale

■ **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Merci dem Rapporteur, dem Mars Di Bartolomeo, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport an och fir säin Engagement, fir dass mer déi Proposition de loi do an engem Konsens kéinten duerch deen Instanzeweie féieren.

Déi modern Parteien, esou wéi mir se kennen, hunn hiren Ursprung am 19. respektiv am 20. Joerhonert mat der Demokratisatioun vun der Gesellschaft a mam Aféiere vum allgemenge Walrecht.

De Max Weber huet a sengem Buch « Le Savant et le Politique » vun 1919 geschriwwen: « Les partis politiques sont les enfants de la démocratie, du suffrage universel, de la nécessité de recruter et d'organiser les masses. » Eng berüümt franséisch Automobillsmark huet als Slogan „Créateur d'automobiles“, eh ben, politesch Parteien si „Créateurs d'idées politiques“.

D'Wichtigkeet vun de politesche Parteien an enger Gesellschaft spigelt sech zrëck an deenen Texten, an deene se verankert gi sinn. Fir Lëtzebuerg ass dat ënner anerem eis Verfassung am Artikel 32bis an, wat vill Leit vläicht net wëssen, politesch Parteien hunn och hir Plaz am Traité vun der europäescher Unioun am Paragraf 10 (veuillez lire: am Artikel 10).

Duerfir ass et och richtig a wichtig, dass d'politesch Parteien déi néideg Moyene kréien, fir eebe